CSJ OPPE, SOZIAL A RESPONSABEL

Chrëschtlech-Sozial Jugend (CSJ)

Aktivitéitsrapport 2017

CSJ-Nationalkongress 2017

De 4. Mäerz 2017 war den CSJ-Nationalkongress am „Beetebuerger Schlass“, wou iwwer 50 Membere sech afonnt haten. Nieft de gewinnte Rapporte loung den Haaptakzent vum Kongress op den 13 Resolutiounen, iwwer déi ofgestëmmt gouf. Et gouf sech net nëmme mat de geleefege Jugendtheme beschäftegt, mee z. B. och op spezifesch Problemer vun der Gesellschaft agaangen. Sou gouf iwwer d’Reform vum RMG-Gesetz, den Ëmgang mat der Prostitutioun souwéi iwwer d’Neiregeleung vun der finanzieller Situatioun vu Witfraen a Witmänner. Och stoung d’Zil vun enger nohalteger Gesellschaft am Mëttelpunkt.

Nieft den CSJ-Memberen haten och den CSV-Generalsekretär Laurent Zeimet, de Fraktiounspresident Claude Wiseler an d’CSV-Partei-Vizepresidentin Martine Hansen de Wee op Beetebuerg fonnt an haten de Jugendkandidate vill Gléck fir déi bevirstoend Gemengewahlen gewënscht. An dësem Hibléck konnt den Nationalcomité vermellen, dass sech iwwer 100 Kandidate gemellt hätten, fir mat hirer Sektioun an d’Gemengewahlen ze goen.

Membere vum CSJ-Nationalcomité

Presidentin:	Elisabeth Margue
Vize-Presidenten:	Alex Donnersbach (President Schüler a Studenten)
	Christophe Origer (President CSJ Osten)
Generalsekretär:	Yannick Glod
Sekretär adjoint:	Basile Dell (Vertrieder CSJ Schüler a Studenten)
Tresorière:	Françoise Kemp (Vertrieder Süden)
Internat. Sekretär:	Stefano D’Agostino (President CSJ Norden) & Christophe Hansen
Vertrieder Norden:	Sonja Conzemius, Jean-François Schneiders, Charel Weiler (Vize-President)

Vertrieder Osten:	Pol Breser, Tom Weber, Marc Ury (Vize-President)
Vertrieder Süden:	Jimmy Carelli, Pino Scalise, Christian Weis (President), Kimi Mosel (Vize-Presidentin)
Vertrieder Zentrum:	Kim Felten (President), Philippe Frieden, Guy Wester, Vincent Reding (Vize-President)
Invitéen:	Christophe Anthon (AG Digital Wirtschaft), Bob Biver (AG Logement), Tom Kerschenmeyer (AG Justiz), Christopher Lilyblad (AG Europa & Integratioun), Stéphanie Weydert

D'Aarbecht vum CSJ-Nationalcomité

- 5 Reunioune vum CSJ-Nationalcomité
- 130 nei Memberen
- 3 Pressecommuniquéen
- Präsenz um CSV-Stand um „Festival des Migrations" an der LuxExpo, zesumme mat der CSV International
- Aktivitéit zur 60-Joer-Feier vun der Europäescher Unioun
- Präsenz um GayMat zu Esch/Uelzecht
- Pressekonferenz „CSJ To Go" am FNEL-Chalet mat Presentatioun vum CSJ-Wahlprogramm fir d'Gemengewahlen
- 1 Stand op der Foire de l'étudiant (CSJ Schüler a Studenten)
- Klausur vum CSJ-Nationalcomité zu Remerschen fir de Wahlprogramm fir d'Gemengewahlen ze schreiwen an Diskussioun iwwer d'Chamberwahlen 2018
- Facebook-Campagne fir eis 13 Resolutiounen un d'Ëffentlechkeet ze bréngen
- Productioun a Lancéierung vun engem Spot fir d'Gemengewahlen 2017
- Asetze vu 6 Themegruppen zu de Sujeten Educatioun & Héichschoul, Wirtschaft & Finanzen, Logement & Mobilitéit, Famill & Soziales, Gesellschaft & Intergratioun, Digitalisatioun
- Organisatioun vun der éischter Wanterakademie an der Gemeng zu Esch/Uelzecht mat den Themenatelieren Digitalisatioun an der Schoul & Aarbechtswelt

Networking

- Fräi Tribune vun der CSJ-Presidentin Elisabeth Margue op RTL
- Präsenz op der Generalversammlung vun der CGJL duerch de Vincent Reding, den Alex Donnersbach an de Pit Bouché
- Präsenz um EVP-Kongress zu Malta am Mäerz duerch d'CSJ-Presidentin Elisabeth Margue, de Vize-President Christophe Origer, de President vun der CSJ Süden Christian Weis an der Comitésmemberin Stéphanie Weydert
- Participatioun un engem Diskussiounsowend vun der Amerikanescher Ambassade zum Thema „Women in political Leadership" duerch d'Kimi Mosel, d'Lola Weyrich, d'Carolina Almeida an d'Negin Baradari
- 1. Participatioun um Relais pour la Vie an der Coque, wou eng CSJ-Ekipp 24 Stonen fir de gudden Zweck gelaf ass
- De Vize-President Alex Donnersbach huet un enger Diskussiounsronn vum RTL-Kloertext zum Thema Ried zur Lag vun der Natioun deelgeholl
- Eng Delegatioun vun de Schüler a Studenten huet un der Westkonferenz vum RCDS zu Tréier deelgeholl
- Participatioun un engem Virtragsowend iwwer déi däitsch Bundestagswahlen vun der däitscher Botschaft
- CSJ-Presidentin Elisabeth Margue am Interview um Radio 100,7 iwwer déi jonk an der Gemengepolitik
- Zënter November 2017 huet de Christophe Anthon de Vincent Reding als Generalsekretär vun der CGJL ofgeléist

Gemengewahlen 2017

D'Preparatioune fir d'Gemengewahlen 2017 hate schonn Enn 2015 ugefaangen, wou den deemolegen Nationalcomité eng Ëmfro bei senge Membere lancéiert hat, wien un enger Kandidatur am Oktober 2017 interesséiert wär. Et koumen iwwer 100 Kandidaturen eran. Dës Nimm goufen da vum CSJ-Nationalcomité Mëtt 2016 un déi jeweileg CSV-Sektioune verschéckt an am Oktober 2017 hu sech knapps 100 CSJ-ler an hire jeweilege Gemengen dem Wielerwëlle gestallt. Déi jéngst Kandidaten war 18 Joer, den eelste Kandidat hat 33 Joer.

Fir dës Kandidaten beschtméiglech ze ënnerstëtzen, hat den CSJ-Nationalcomité Ufank Juli e Videodréi zu Esch/Belval organiséiert, wou sech eng ganz Rëtsch Kandidaten zesummefonnt haten. Dëse Video gouf Ufank September am Kader vun enger Pressekonferenz mat eisem Wahlprogramm presentéiert an huet groussen Uklang an de sozialen Netzwierker fonnt.

Virun de Gemengewahlen hat d'CSJ 15 Vertrieder an de lëtzebuerger Gemengeréit sëtzen. Den 8. Oktober sinn net manner ewéi 30 Kandidaten vun der CSJ an de Gemengerot vun hirer Gemeng gewielt ginn. Dorënner 5 Schäffen. A ganz vill CSJ-ler stinn als éischten oder zweeten Ersatz an de Startlächer.

Den CSJ-Nationalcomité felicitéiert nach eng Kéier jidder Kandidat fir säi Resultat a besonnesch deene Kandidaten, déi de Sprong an de Gemengerot gepackt hunn, a wënscht hinne Bonne Chance bei hirer neier Aufgab.

CSV New Generation 2017

Och 2016 huet d'CSV en Nowuesförderprogramm op d'Been gestallt. 12 CSJler, 6 Männer – 6 Fraen, haten d'Geleeënheet dorun deelzehuelen. An deem Kader krute si eng Rei Formatiounen iwwer zentral politesch Themen, d'Wäerter an den Opbau vun der Partei, ewéi och wat d'ëffentlecht Optrieden a Rhetorik ugeet.

E grousse Merci un déi jonk Participanten Basile Dell, Tessy Emeringer, Stefanie Kreuzer, Pol Schaus (CSJ-Nationalcomité), Tun Gierenz, Antonia von Ketelhodt (CSV Zentrum), Christophe Anthon, Lola Weyrich (CSV Süden), Chris Lilyblad, Nadine Weirich (CSV Osten), Carolina Almeida a Max Bintener (CSV Norden) fir hiren Intressi an hiren Asaz.

Aktivitéite vun de Bezierker

CSJ Norden:

- Participatioun um Event 24 Stonne Vëlo Wëntger
- Participatioun un der Nuit des lampions zu Wolz
- 3 Resolutiounen ausgeschafft fir den CSJ-Nationalkongress

CSJ Süden:

- Stand um GayMat zu Esch/Uelzecht an op der Eemaischen zu Nouspelt
- Kinosowend zu Rëmeleng fir d'Memberen
- Ausschaffe vun engem Guide fir CSV-Sektiounen, op wat ee bei jonke Kandidaten oppasse muss
- Grillowend ënnert de Memberen zu Déifferdeng

CSJ Osten:

- Visite vun der Basilika zu Iechternach
- Organisatioun vun enger Liesung vum Lyriker Tom Weber zu Gréiwemaacher
- Visitë vu verschiddene lëtzebuerger Betriber am Osten

CSJ Zentrum:

- Iesse virun der Summervakanz
- traditionell Visite vun der Schueberfouer
- Extraordinaire Generalversammlung mat Weil vun engem neie President

International ënnerwee

De Stefano D'Agostino, de Christophe Hansen, den Alex Donnersbach an de Christophe Origer hunn d'CSJ am vergaangene Joer op der internationaler Bühn bei der YEPP oder der EVP vertrueden.

- 20. Gebuertsdag vun YEPP zu Roum am Februar
- EVP-Kongress zu Malta am Mäerz
- Konferenz vun de chrëscht-demokratesche Jugendparteien aus de BENELUX-Länner zu Bréissel

Nieft der Vertriedung bei der YEPP an der EVP representéieren d'Françoise an d'Martine Kemp d'CSJ Schüler a Studenten bei den europäeschen Associatioune vun der EDS (European Democratic Students) a bei der EUPAS (European Pupils Association).

Schüler a Studenten

De Comité vun de Schüler a Studenten huet sech 2017, no Neiwahlen, esou zesummegesat: Alex Donnersbach (President), Julie Dupont (Sekretärin), Basile Dell (Trésorier), Vincent Reding, Françoise Kemp, Marielle Margue, Martine Kemp, Philippe E. Frieden, Yana Lang, Yele Yin, Claude Meiers, Jo Dupont, Stefano Polignano, Vicky Pundel, Weyrich Lola a Felix Hennico.

D'Schüler a Studenten hunn 2017 am November traditionell de Stand op der Studentefoire organiséiert, wou si e Fotosconcours organiséiert hunn an de Gewënner eng Koppel Interrail-Tickets vun der EVP spendéiert krut. Am Juli hate si de Cocktailstand um CSV-Summerfest geréiert.

Pressecommuniquéen

- Oppe, sozial, responsabel: Bereet Verantwortung ze iwwerhuelen
- Des traditions luxembourgeoises „qui reculent au pas d'Echternach"
- Elections communales à Weiler-la-Tour